De Poutty Stein an d'Lëtzebuerger

„Staark am Soff, mä soss nët ureg"

Virun zwee Joër huet Lëtzebuerg den 100. Doudesdag vun „eisem" Dicks begaangen. Dëst Joër wir et eigentlech ubruecht, fir iwwer „eise" Lentz ze schwetzen, well dëst Joër – genee den 8. September – as hien 100 Joër dout. 'T gët awer rose wéineg, op d'mannst fir den Ablack nach, un dee Joresdag geduecht. Amplaz gët iwwert de Poutty Stein geschwat, mä weder säi Gebuurtsjoër (1888), nach säi Stierfjoër (1955) sin dorunner Schold.

Da's am Ablack eenzeg an eleng dem Guy Schons ze verdanken, deen sech dem Wierk vum Poutty Stein ugeholl huet, hien op séngen Owender nees opliewen deet an eis och iwwer CD eng Kuelebootsch „Poutty Stein" zervéiert.

A wann een an engem Sall oder iwwer Plack déi Saachen héiert, da mierkt dee Leschten, datt do villes drënner as, wat hien „eigentlech nach ëmmer" kannt huet, och wann et him lo réischt opgeet, datt do eben de Poutty Stein derhannert stécht. 'T gët him bewosst, datt op d'mannst eng hallef Dosen där Liddercher am a mam Vollek verwuurzelt sin; eppes, wat bis haut eigentlech nëmme vum Dicks, vum Lentz, vläicht nach vum Willy Goergen oder, aus neitster Zäit, vum Fernand Wark séngen Texter ze behaapten as.

Iwwer de Poutty Stein selwer as muenches, mä nët allzevill bekannt, dat mierkt ee schon un deene puer Schrëften, déi iwwer hie virleien, a wou ee séier gesäit, datt d'Verfaasser der Rei no schéi propper ëmmer nees dat ofgeschriwwen hun, wat en anere scho virun hinne geschriwwen hat. Dat as zu Lëtzebuerg wuel näischt Apaartes, mä beim Poutty Stein fällt et alt eng Kéier méi op.

Nozeliesen as also, datt den Ernest-Pierre Stein de 16. Abrëll 1888 zu Colmarbierg op d'Welt koum an den 23. Dezember 1955, zwee Joër no sénger Pensioun, gestuerwen as, datt hie Forstwirtschaft stodéiert hat (säi Papp war zu Colmarbierg Fieschter bei Grand-Ducs), mä geschwënn am ARBED-Gebai an der Neier Avenue gelant as, wou en dann och blouf. Hie blouf och Jonggesell.

Ze liesen as och, datt de Poutty Stein als lëschtege Brudder a grad sou spaasseger Gesellschaft war, wou hie mat sénger drécheners Schlagfäerdegket, séngem Humouer, mä besonnesch mat séngen Texter a Liddercher gär gesi gouf.

Scho manner ze liesen as, wat dat fir e Milieu war, och wann een et haut nach liicht rausfënt. Wann hien als Begrënner, Virbereeder, Pionéier vun der lëtzebuerger Satir, vum Kabaret gëlt, da muss een nët nëmme wëssen, datt hien sech beim fransésische „chanson", am Paräisser „cabaret" inspiréiert huet, mä virun allem, firwat a fir wien hie séng Lidder geschriwwen huet.

Dessin:
A. Trémont

'T as gewosst, séng bescht Texter si ronderëm den I. Weltkrich entstanen, zu enger Zäit, wou an der lëtzebuerger Literatur (no den dräi Nationaldichter Dicks-Lentz-Rodange) nët allzevill lass war. Wien déizäit geschriwwen huet, huet wéi déi geschriwwen, besonnesch wéi de national- a schollesëilege Lentze Méchel.

Datt do dem Poutty Stein séng frech, couragéiert an dach spaasseg Saachen ageschloën hu wéi eng Bomm ('t gouf jo nach kee Radio), louch op der Hand.

'T muss een awer och son, de Poutty Stein war kee „Lénksen", kee sozial-engagéierte „Liedermacher", wéi een haut géif son. Séng Klientell an zugläich säin Affer war d'biergerlech Gesellschaft, an där hien sech och opgehalen huet. „D'Lidd vum aarme Jhang" schéngt dobäi säin „engagéiertst" Liddchen ze sin, mä par konter kann een säi Lidd „Vu Paräis erëm" (en zweedeitegen Text, an deem de Poutty Stein d'Zweedeitegkeet gutt verstoppt, an deen dofir och kaum als dat erkannt gët, wat en as) als regelrechten Affront géint d'Meedercher ophuelen, déi an deenen Zäiten fir batter Suën am Déngscht geschafft hun.

Hie war e Liberalen. Eleng déi „literaresch" Kreesser wéi „d'Mansarde" oder spéider „d'MaNaCa" (Manufacture Nationale de Cantates) zeechnen de Milieu. Kreesser, déi sech virun allem selwer, mat hiren an iwwer hir egen Texter oder Melodien ameséiert hun; op Härenowenter, Juegdgesellschaften asw. Datt Liddercher vun deenen, besonnesch déi vum Poutty Stein, duerno ënnert d'Vollek koumen, as nët verwonnerlech, mä 't war nët hiren éischten Zweck.

De Bewäis dofir as scho leng deen, datt de Poutty Stein zu Liefzäiten ni eng Sammlong vu sénge Saache rausgin huet (am Géigendeel vun anere „Mansarde"s-Gesellen, wéi de Max Duchscher an de Sepp Thill, déi 1948 mat hire „Gesabbelt Wierker" rauskoumen; dat geschouch réischt duurch Frënn vun him no séngem Dout („Dem Poutty Stein séng bescht Liddercher", 1959). Et ware Saachen, fir den Ablack a fir nozelauschteren; nët onbedéngt fir ze liesen.

Am „Abreißkalenner" vum 1. Juli 1933 schreift de Batty Weber, deen och ee vun der „Mansarde" war: „Ist der Pamphletist ein guter Kerl und im Grunde ein Dichter, so werden seine Pamphlete zu Liedern, und hat er ein Herz im Leib, so singt er auch von der Liebe, aber mit der leisen Skepsis und Satyrik und Ironie, zu denen ihn seine Zeit erzogen hat."

„Im Grunde ein Dichter", dat as z'ënnerschreiwen, a méi wéi een Text, besonnesch ënnert deene méi besënnlechen, weisen dat och aus. Mä genee do as dann de Broch mat Lentz & Co. nët sou staark ze spieren, wéi wann en sech bei „Neen, déi Schnëss", „De schéine Poli", dem „Nationalmarsch", „Dem Wirsch séng Wueden" ameséiert oder „d'Quisel" optriede léisst (déi beleet, datt hien eng schéi Portioun Antiklerikalismus an sech hat, dee séngersäits mat Schold drun as, datt bestëmmte Leit zu sénge Liefzäiten an och duerno keng Notiz vun him geholl hun).

Wou läit um Enn dem Poutty Stein säi Verdéngscht? Wéi gesot, hien huet mat sénge labbere Versen eis Sprooch an doduurch indirekt och eis nach kleesper Literatur „opgerappt". Dat stellt hien iwwer -zeg Epigonen, déi aus dem romantesche Kitsch vum viregte Jorhonnert nët rauskoumen oder nët rauskomme wollten. (Sou wéi, 70 Joër méi spéit, ee wéi den Treinens Misch dat mat der Sprooch vun haut duurchzitt.)

Streng literaresch geholl, sin séng Saache séier gesift. Do si wéineg Texter derbäi, déi wiirklech droën. Schon zu sénger Zäit (mer brauchen do nëmmen un den Auguste Liesch ze denken), no him, a besonnesch nom Zweete Weltkrich, hun, reng handwierklech gesinn, eng Parti Leit dat besser gemaach. D'Sprooch, d'Literatur, bleiwe jo nët stoën, an op gegossene Fëllementer as ëmmer gutt opbauen.

Virzewerfen as dem Poutty Stein, datt d'Problemer vu sénger Zäit, an där gouf et jo awer eng Mass (wéi schon deemools beim Dicks), laanscht de Schreiwer gelaf sin. De Poutty Stein hat de Lëtzebuerger Charakter an och eng bestëmmte Gesellschaft schaarf duurchkuckt; dat war gutt an 't huet bestëmmt verdäiwelt Freed gemaach. Aner Facette vum Liewe vun deemools, dat fir vill nach laang kee schéint war, huet e kaum beliicht, an doduurch deenen, déi dodru Schold waren, och kaum en Hoër gekrëmmt.

Firwat nët? Bestëmmt nët aus Feighet, well där war hie keen, dat huet e mat méi wéi engem Text bewisen. Hun déi wiirklech Suergen vum (klenge) Vollek hien nët intresséiert? Dat passt nët zu him. Huet en se nët kannt, well en nët an deem Milieu gelieft a geschafft huet?

Dat sin déi eigentlech Froën, déi sech haut iwwer de Poutty Stein ze stelle sin. Op si gët et fir den Ablack nach keng seriös Äntwert.

josy braun